

Ried - Carole Thoma - Wahlkongress déi Lénk - 18. Juni 2017

Komerodinnen a Komeroden,

Als jonk Fra, déi sech fir Politik intresséiert, hunn ech an de läschte Wochen a Méint vill geléiert.

Ech ginn néirens méi ouni Posch, well do trëllen laut LSAP niewt mengem Lëppestëft och meng politesch Iddien, déi ech leider net am Kapp behale kann.

Meng Ried vun haut gouf des Kéier och frëndlecherweis nees vun engem männleche Ghostwriter geschriwwen.

Ech krut vun der CSV eng Formatioun ugebueden, wéi ech mech unzedoen, auszedrécken an ze verhalen hunn.

Well et ass net wat ech soen. Mä wéi ech et soen.

Elo, no laangem Üben a ville Berodunge vun erfuerene Leit, fillen ech mech prett, mäi politesche Kostüm unzedoen.

...

Kolleeginnen a Kolleegen,

Dat Ganzt kinnt witzeg sinn, wann et net esou doud serieux gemengt wier.

Well dat ass d’Fraebild, dat haut, Joer 2017, am entwéckelte Lëtzebuerg an d’Gesellschaft gedroe gëtt.

Mäer Frae ginn identifizéiert iwwer e Kussmond an eng rosa Posch. Mäer hu keng Inhalter a solle just anstänneg ausgesinn.

Et ass traureg, dass déi zwou Vollécksparteien hei am Land anscheinend esou funktionnéieren an iwverhaapt mol net schéngen anzegesinn, wou dobäi de Problem ass.

Mä et ass skandaléis wann dat Bild souguer vum Ministère fir Gläichberechtigung, mat enger Fra un der Spëtzt no bause bruet gëtt.

De Chancegläichheitsministère, MEGA genannt, huet, wann een et erofbrécht, näicht aneres ze dinn, wéi sech wäitleefeg mat Diskriminatioun a Sexismus ausernee ze setzen.

An en entwéckelt dann eng Campagne, déi net géint sexistesch Viruertdeeler virgeet, mä dovun selwer bal platzt.

D’Fra – déi hallew Bevëlkerung gëtt iwwregens an all deene Campagnen einfach an een Dëppe geheit – d’Fra ass eng attraktiv, wäiss Businessfra an Talléckeschung an enger schwarzer Jupe.

Se intresséiert sech eigentlech just fir Poschen a Kleeder, wéi mer festgestallt hunn, mä och dat kann se net richtig, well am Videoclip vum MEGA brauch se dann natierlech awer Hëllef vun engem Mann.

Mäer Frae kënnen eis esou schlecht decidéieren...

Et geet awer nach e bësse besser. Parallel zu deem fuerchtbare Video huet de MEGA nämlech och Plakater gemat mat méi oder manner bekannte Perséinlechkeeten, déi méi oder manner gutt Grënn fonnt hunn, firwat sie sech fir Chancegläichheet asetzen.

Enner deene 47 – ausnahmslos wäisse - Persounen, déi d'Frae solle motivéieren, sech politesch ze engagéieren, sinn ganzer 15 och tatsächlech Fraen. Dat sinn 32 Prozent.

Wann d'Gesetz zur 40% - Quotereegelung hei géif zielen, misst dem MEGA wuel de Budget gekierzt ginn.

Politik ass Gestaltung, a kee Kleedungsstéck.

Amplaz fir dat gutt Gewësse kontraproduktiv Campagnen ze maachen, brauch et Respekt a strukturell Verännerungen, déi den Zougang zum politeschen Engagement reell méi demokratesch gestalten.

Oft wëlle sech Jonker, Fraen oder aner ënnerrepresentéiert Gruppen engagéieren mä hinne ginn onbewosst Sténg an de Wee geluet.

Ech sinn dowéint frou, dass eise GT Feministe eng Resolutioun mat ville konkrete Fuerderungen ausgeschafft huet, déi hoffentlech herno gestëmmt gëtt.

Mäer müssen net d'Meedecher bei der Hand huelen. Mä d'Frae stuark maachen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wann ech mech och de ganzen Dag kinnt driwwer opreegen, dass Sexismus nach esou déif am Alldag verankert ass dass e mol net méi vum zoustännege Ministère erkannt gëtt, wëll ech awer elo op enger méi positiver Note weiderfueren.

Ech sinn zum Beispill frou, dass ech haut d'Chance hunn, grad hei zu Diddeleng ze schwätzen, wou ech jo selwer hierkommen.

Diddeleng ass eng schéi Stad an als typesch Minettgemeng stolz op hier Vergangenheet an der Stolindustrie an doduerch dee multikulturellen Hannergrond. Iwwer 90 verschidde Nationalitéite liewen hei zesummen.

An Diddeleng wiist weider.

Dee Wuesstum huet awer seng Konsequenzen. D'Verkéisberouegung klappt hei zum Beispill immens gutt – de Verkéier ass esou roueg, dass e gréisstendeels steet.

An Diddeleng schéngt et och keng Oarmut ze ginn, zumindest net, wann een sech d'Logementspolitik ukuckt.

De Schäfferot wiert sech hei richteg dogéint, ëffentlech Sozialwunnéngen ze schafen. Dobäi kënne mer eis mat eise 35 Sozialwunnéngen op 20 000 Awunner wierklech net bretzen, an dat alles ënner ausnahmslos sozialdemokratescher Féierung.

A wann den Här Bodry elo op eemol vun Enteeung schwätzt, sollt en sech vläit selwer mol un der Nues huelen an iwwerleeën, firwat en dee Courage als Buergermeeschter net hat, obwuel him deemols jo schon déi néideg Instrumenter virlungen.

Effentlecht Bauland gëtt bei der éischtbeschter Geleegeenheet privatiséiert an d'Informatiounspolitik fir Locataire ass esou grotteschlecht, dass déi obligatoresch Mietkommissioun nach net eng eenzeg Kéier zesumme geruff ginn ass.

Jonker, wéi ech, déi hiert ganzt Liewen zu Diddeleng verbruet hunn, siche verzweifelt no bezuelbarem Wunnraum.

Des Gemeng huet allerdings virun allem ee grouse Problem. Säit iwwer 70 Joer ass hei eng eenzeg Partei dauerhaft an enger absoluter Majoritéit. 70 Joer laang maache, wat ee wëll – ganz ouni sech musse mat lästige Koalitiounspartner oder sou erem schloen.

Dier kënnt iech mat Sécherheet virstellen, dass dat – an do ass et scho bal egal, wat dat fir eng Partei ass – seng Schwieregkeete mat sech bréngt.

Mat der Zäit gëtt do de Parteinumm ëmmer méi grouss, mä Demokratie an Transparenz ëmmer méi kleng geschriwwen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Alles dat, wat ech elo opgezielt hunn, ass natierlech net op Diddeleng limitéiert. Quasi all Gemeng am Land kennt déi Problemer méi oder manner.

Dowéint hu mer als Lénk och dräi Resolutiounen an Oarbechtsgruppen ausgeschafft, déi herno virgestallt ginn a genau déi Sujeten behandelen:

Staadtentwécklung, Logement an Demokratie.

Ech wëll de Riedner no mäer net virgräifen, sie wäerten d'Resolutiounen am Detail virstellen.

Mä allgemeng géif ech folgendes soen: Mäer hunn, natierlech, och net déi perfekt Léisung zu all Problem. Mäer hunn Usätz, mäer hu Pisten, a wéieng Richtung ee misst goen.

Virun allem awer wëlle mäer Politik aanescht maachen.

Oft gëtt Gemengepolitik ugesinn als Sprangbriet fir an déi national Politik. Am Gemengerot an dono Schäfferot éischt Erfahrungs sammelen fir dann den Ofsprong an d'Chamber an d'Regierung ze packen.

Dobäi ass Gemengepolitik méi wéi eng Übungswiss fir spéider Karrierspolitiker. Op lokalem Niveau entscheed sech vill méi wéi ee meehtens am éischte Moment denkt.

A virun allem entscheede sech hei oft déi wichteg Saachen, déi Froen, déi vill Leit direkt betreffen. An dowéint geet et och net duer, alles vun uewen erof ze decidéieren.

Leit, déi fir déi Lénk kandidéieren, maachen dat net aus Muechtgedanken.

Mäer maachen net Politik fir Politik ze maachen. Mäer maache Politik, fir eppes konkret ze änneren.

Fir d'Stëmm vun de Leit an d'Institutiounen eran ze droen.

Mäer wëllen awer net nëmme **fir** d'Leit do bausse schwätzen, mä mat hinnen.

Dofier mussen d'Konditioune geschaf ginn.

Genau wéi bei der Ënnerrepresentatioun vun de Fraen geet et net duer, Rechter ze schafen.

Wat bréngt mer mäi Recht op Wunnen, wann ech kee bezuelbare Wunraum fannen?

Wat bréngt d'Recht op Matbestëmmung wann ëmmer déi selwescht Leit opgrond vun Oarbechtszäit, Sproochekenntnis oder Familliesituatioun dann awer net kënne matmaachen?

D'Leit mussen och d'Méiglechkeet kréien, déi Rechter an Usproch ze huelen.

Dat heecht: d'Leit stuark maachen.

An all dat soll och eise Logo fir des Campagne duerstellen.

Eist Häerz woar jo viru kuerzem schon am Gespréich well d'Delfinpartei sech bëssen drun inspiréiert hat. Woubäi ech mech froen, wat e blot Häerz symboliséiere soll, ausser sozial Keelt.

Dobäi ass d'Häerz knallroud an et steet fir Stäerkt, déi vu banne kënnt. D'Häerz ass d'Pompel, déi d'Blutt an de ganze Kierper bréngt.

An déi Stäerkt kënnt matten aus der Gesellschaft a vun all eenzelnen Awunner.

D'Stäerkt vum Léierpersonal, dat d'Kanner op d'Liewe virbereed.

D'Stäerkt vum Pfllegepersonal, dat an Altersheemer a Spideeler weist, wat wierklech a praktesch Solidaritéit heecht.

D'Stäerkt vun eisen Net-Lëtzebuergeschen Noperen, déi zwar stur d' Wahlrecht op nationalem Plang verwiert kruten mä awer zum Gléck d'Recht hunn, an hierer Gemeng mat ze schwätzen.

D'Stäerkt vun all Fra, déi hier eegen Iwwerzeegungen huet an se net wéi e Kostüm wiessele muss.

Zesumme mat all deene Leit, mat Jonk an Al, mat jidderengem deen sech eng méi gerecht a solidaresch, eng méi ökologesch an transparent Gemeng wënscht brieche mäer den 8. Oktober all déi absolut Majoritéiten vum Status Quo.

Déi Majoritéiten, déi 70 Joer laang maache konnte, wat se wollten, wéi hei zu Diddeleng,

an déi neoliberal Majoritéiten, déi, wéi an der Staats, guer keng aner Visioun méi hunn wéi hier Gemeng an eng Spillwies fier Superräicher ze verwandelen an hier eegen Awunner an déi kleng Geschäfte aus dem Staatskär ze verdreiwen.

Dofier trieden déi Lénk un.

Fir d'Majoritéit aus all deenen anere Parteien ze brieche, déi guer net virhunn, d'Liewen an de Gemenge wierklech ze änneren.

Déi weiderhi keng Geleegeheet verpassen fir öffentlech Servicer ze privatiséieren an déi ënner dem Begrëff Demokratie net méi verstinn, wéi all 6 Joer Wahlen duerchzeféieren.

LSAP, CSV, DP oder Gréng kinnt een oft einfach austauschen, ouni dass sech reell vill ging änneren.

Déi Lénk trieden un fir eng Politik, déi net vu Politiker am stillen Kämmerlein gemat gött.

Mä vun de Leit alleguer zesummen an engem kollektive Prozess.

All eis Resolutiounen, déi mer elo diskutéiere wäerten, sou wéi eise Kader-Wahlprogramm, deen scho steet an eis lokal Programmer, un deene fläisseg geschafft gëtt zilen op eppes eraus.

D'Leit stuark maachen.